

Rapport Referees Commission 29. November 2016

Uwiesend: Karier, Geib, Schmitt, Nesser, Keiffer, Ney, Weber, Simonelli, Pascalicchio

Entschellegt: Scheuren

1. **Adoptioun vum Rapport vum 25.10.2016**

De Rapport ass approvéeiert.

2. **Formatioun 05. November 2016**

De Patrick Simonelli schwätzt vun enger gelongener Formatioun, an där 15 Participante fräiwëlleg e ganzen Dag verschidden Übungen an Aufgaben duerchgefouert hunn.

3. **Next Formatioun**

Eng weider Formatioun gëtt den **21.01.2017** ab 09h30 um INS organiséiert. Des ass **obligatoresch** fir all Arbitter.

4. **Projet Jeunes Arbitres**

De Projet ass laut Patrick Simonelli gutt ugelaft. D'Tuteure gi gebieden an der Hal ze si wann d'JA um Terrain stinn. Den **14.01.2017 um 09h30 um INS** gëtt e Cours de Formation ugebuede fir all JA hei am Land. All Veräin ass gebieden do matzemaachen. D'Tuteure gi gebieden hie ausgefëllten Excelfichier vun hire JA bis den **15.12.2016** eran ze schécken.

5. **Cours Sekretär/Chronométreur**

D'Formatioun ass gutt gelaft huet de Willy Geib bericht, et ware 16 Participanten do. De Sabien Weber huet d'RC vertrauden.

6. **Delegéierte Formatioun**

D'Refcom schreift en Delegéierten-Cours aus. Wichteg: Et muss ee net Arbitter sinn oder gewiescht sinn fir Delegéierten ze ginn. Mellet iech w.e.g. un per Mail op mail@flh.lu. Den Datum vun der Formatioun ass am **Februar 2017**. Bis elo hunn sech ugemellt: Jeannot Ney an Arni Biren.

7. **Physeschen a theoretischen Test 2017**

Den Test Luc Léger an den theoretischen Test fir den 2. Deel vum Championnat fanne statt de **04.02.2017 em 09h30 um INS**.

8. EHF Beobachter Helmut Wille um Final 4 2017

Ewéi beim Final 4 2016 soll den Helmut **Wille** vun der **EHF** als internationalen **Beobachter** de Weekend vum Final 4 d'Schiidsriichter beobachten an Formatiounen ubidden. De Kontakt ass do an d'Virbereedungen lafen.

9. Délégué d'ordre

D'RC deelt mat, dass en Délégué d'ordre näischt an enger Coachingzone verluer huet. Hien däerf och net dem Trainer assistéieren a Statistike maachen. Bei net anhalen, gëtt eng progressiv Bestrofung fir de Mannschaftsverantwortlechen A ausgeschwat.

10. Ennerkleeder (Thermo oder Kompressioun)

D'RC proposéiert dem CA dass Ennerkleeder (Thermo oder Kompressioun) mussen der Haaptfuarw vum Trikot ugepasst sinn. Wéinst Verwiesslungsgefor mam Golkipp, si laang Thermosboxen verbueden! Dëst soll fir d'Ekippen vun der Sales-Lentz League an der Loterie Nationale Coupe de Luxembourg Dammen an Hären gëllen. Gëtt dat net respektéiert mussen d'Spiller des Ennerkleeder ausdoen an den Mannschaftsverantwortlechen A gëtt progressiv bestrooft.

Nächst Versammlung: Dënschdeg den 17. Januar um 18:15.